

De Londoner Verlag Nosy Crow huet dëst Buch séier realiséiert,  
fir de Kanner an de Familljen an der Corona-Zäit entgéintzekommen.  
Jiddereen, deen doru geschafft huet, huet dat benevole gemaach.

Fir hir generéis Ënnerstëtzung an hir wäertvoll Contributioun  
seet de Verlag dëse Leit Merci:

**Axel Scheffler**

**Professor Graham Medley**

Professor fir d'Modeléiere vun Infektiounskrankheeten op der Londoner Schoul  
fir Hygiène an Tropemedezin

**Sara Haynes**

„Headteacher“ an der Arnhem-Wharf-Primärschoul zu London

**Alex Lundie**

„Deputy headteacher“ an der Arnhem-Wharf-Primärschoul zu London

**Monica Forty**

„Headteacher“ an der Ben-Jonson-Primärschoul

**Dr. Sarah Carman**

Klinesch Psychologin am staatleche Gesondheetssystem a Groussbritannien (National Health  
Service), spezialiséiert op mental Gesondheet an Neuroentwécklung vu Kanner a Jugendlechen

De Coronavirus  
E Buch fir Kanner

Text: © Nosy Crow  
Illustratiounen: © Axel Scheffler  
Iwwersetzung: © Christiane Kremer

Fir d' éischt publizéiert a Groussbritannien am Joer 2020 vun Nosy Crow Ltd, The Crow's Nest, 14 Baden Place, Crosby Row London, SE1 1YW, UK.  
(Nosy Crow and associated logos are trademarks and/or registered trademarks of Nosy Crow Ltd.)

Copyright vum Original: Nosy Crow, London 2020.  
Copyright vun der Iwwersetzung: Kremart Edition, Lëtzebuerg 2020.

Déi lëtzebuergesch Iwwersetzung ass eng Kooperatioun tëscht Nosy Crow® Limited a Kremart Edition Sà r.l.

ISBN 978-2-919781-28-7

D'Wierk steet ënner der Creative-Commons-Lizenz CC BY-NC-ND „Attribution-NonCommercial-NoDerivatives 4.0“ (also Source nennen,  
netkommerziell, keng Bearbechtung).

Weeder Nosy Crow nach Kremart Edition iwwerhuele Verantwortung fir den Inhalt op den Internetsitten, op déi hanne verwise gëtt.

KREART  
E D I T I O N

*Nosy  
Crow*



Illustriert vum **Axel Scheffler**

# De Coronavirus

## E Buch fir Kanner

Geschriwwen vum Elizabeth Jenner, Kate Wilson an Nia Roberts


**Berodung: Professor Graham Medley**

Professor fir d'Modeléiere vun Infektiounskrankheeten  
op der Londoner Schoul fir Hygiène an Tropemedezin


Et gëtt en neit Wuert, dat s de bestëmmt schonn héieren hues.  
Du hues bestëmmt scho Leit héieren dovun schwätzen oder hues et an den  
Noriichten héieren.  
Dat Wuert ass de Grond, firwat s du den Ament net an d'Schoul gees. Et ass de  
Grond, firwat s de net dacks kanns aus spille goen oder deng Frënn gesinn.  
Et ass de Grond, firwat déi Erwuessen, déi op dech oppassen, och doheem sinn.



Dat Wuert ass



**C o r o n a v i r u s**



Mee wat ass  
dat a firwat  
schwätzt jiddereen  
dovun?



## WAT ASS DE CORONAVIRUS?



De Coronavirus ass eng speziell Zort vu **Virus**.

Virusse si butzeg Keimer, déi sinn esou kleng, datt s de se net kanns gesinn.

Se sinn esou liicht, datt se a klengen Drëpse Waasser duerch d'Loft fléien, a se kënnen op denger Haut sëtzen, ouni datt s de se spiers. Mee wann e puer vun deene Keimer an däi Kierper erakommen, da kënnen se do nach méi Keimer produzéieren an déi maachen dech krank.



Et gëtt ganz vill verschidden Zorte Coronavirussen a verschiddener kënnen d'Mënsche krank maachen. Wann s de eemol mat sou engem Coronavirus ugestach gi bass, has de vläicht de Schnapp oder den Houscht.



Mee wann de Keim vun dësem **ganz neie** Coronavirus an de mënschleche Kierper geréit, da léist en eng Krankheet aus, déi Covid-19 heescht. Wann d'Leit dovu schwätzen, datt een de Coronavirus huet, da schwätze se vun dëser Krankheet.

## WÉI KRITT EEN DE CORONAVIRUS?

Well dëse Coronavirus ganz nei ass, wëssen d'Wëssenschaftler nach net alles driwwer. Mee si mengen, datt et zwou Manéiere gëtt, wéi een e ka kréien.

D'Keimer vum Coronavirus liewen am Hals an am Mond vun de Mënschen. Wann een, deen de Coronavirus huet, houscht oder néitscht oder ausotemt, kommen dës Keimer a butzege klengen Drëpsen eraus.

Och wann s de déi Keimer net gesäis, kanns de awer heiansdo déi butzeg Drëpse gesinn. Wann et ganz kal ass dobaussen, da gesi se aus wéi eng Dampwollek. Wann een aneren dës Loft mat dem Keim vum Coronavirus anotemt, da kann e krank ginn.



D'Keimer vum Coronavirus aus dengem Kierper si ganz séier un dengem Hänn, wann s de deng Nues oder däi Mond upaaks.

Wann eng Persoun mat de Keimer vum Coronavirus un den Hänn eng Bier opmécht, da kënnen déi Keimer nach stonnelaang un der Klensch vun der Bier weiderliewen. A wann eng aner Persoun d'Bier opmécht, kënnen d'Keimer och un hirer Hand sinn.

A wa si mat der Hand hir Nues oder hire Mond upaakt, sinn d'Keimer séier an hirem Kierper.



Du kanns de Coronavirus also och kréien, wann s de Saachen upaaks, déi een aneren, deen de Virus huet, virdru beréiert huet.


## WAT GESCHITT, WANN EEN DE CORONAVIRUS KRITT?

Verschiedde Leit, virun allem Kanner, gi bal net krank, wa se de Coronavirus kréien. Mee se hunn awer d'Keimer am Kierper, mat deene se, ouni ze wëllen, een anere kënnen ustiechen.



Wa se de Coronavirus hunn, kréien déi eng Leit Féiwer oder den Houscht. Anerer hunn de Kapp wéi oder soss Péng am Kierper.

Meeschtens ass een e puer Deeg krank. Mee de mënschleche Kierper ass schonn erstaunlech. Wann e Keim wéi de Coronavirus an engem Kierper optaucht, da weess dee Kierper direkt, datt dee Keim do näscht verluer huet a fänkt un, en dout ze maachen.



De Kierper huet eng ganz besonnesch Waff géint esou Keimer: d'**Antikierper**. Kleng Zellen an dengem Blut produzieren esou Antikierper fir géint Virussen ze kämpfen. D'Antikierper fänken d'Virussen, duerno frupsen d'Bluttzelle se a maache se futti. An da geet et der Persoun nees besser.



Jidderee vun eis huet iwver zéng Milliarden Antikierper a sech.

Dat heescht, et gött méi Antikierper an dir, wéi et den Ament Mënschen op der Welt gött.

## FIRWAT HUNN D'LEIT ANGSCHT, DE CORONAVIRUS ZE KRÉIEN?

Bal jiddereen huet e Kierper, dee gesond genuch ass, fir géint de Coronavirus ze kämpfen. Mee et gëtt awer Mënschen, fir déi ass dat méi schwéier, well hire Kierper net staark genuch ass. Dat kënne Mënsche sinn, déi méi al si wéi 65 Joer, oder Mënschen, déi eng aner Krankheet hunn, wéi Kriibs, déi se méi schwaach mécht.



Se brauchen dofir méi Hëllef, fir géint de Coronavirus ze kämpfen. Dacks musse se an d'Klinik goen oder se mussen esouguer **Apparater** kréien, déi hinnen hëllef ze ootmen.



Leider hëlleft dat net ëmmer, datt et deene Leit besser geet, an da stierwe se, wat natierlech ganz traureg ass.

Dofir ass et esou wichtig, datt dës Mënschen doheem bleiwen, wäit ewech vun deene Plazen, wou se sech kéinten ustiechen. Se sollen och kee Besuch kréien. Dat heescht, du kanns och fir eng Zäit Leit aus denger Famill net besiche goen, well domadder hëllef du, se virum Virus ze schützen.



Vill Leit gi vum selwen nees gesond. Mee d'Dokteren an d'Wëssenschaftler wëllen natierlech jidderengem séier hëllef.



## KANN EE VUM CORONAVIRUS GEHELT GINN?

D'Doktere wëssen awer nach net, wéi se déi Krank kënnen heelen, well et jo e ganz neie Virus ass. Et gi Medikamenter, déi kéinten hëllefen an d'Doktere probéieren elo erauszefannen, ob et deene Kranken domadder besser geet.

Mee och wann dat net hëlleft, sichen d'Wëssenschaftler no neie Medikamenter géint de Coronavirus, Medikamenter, déi et bis elo nach net gëtt.



D'Wëssenschaftler schaffen awer och un engem **Impfstoff**.

Eng Impfung ass eng ganz speziell Medezin, déi een an de Kierper gesprëtzt kritt, wann ee gesond ass. An där Medezin si schwaach oder souguer doudeg Keimer vun engem Virus dran. D'Antikierper am Blut kënnen esou trainéieren, wéi se déi Keimer dout maachen. A wann een dann dee richtege Virus erwëscht, kënnen d'Antikierper ganz séier déi lieweg Keimer bekämpfen.



Als Bëbee bass du bestëmmt scho geimpft ginn. Dat heescht, datt s du verschidde Krankheeten net kriss.




Et brauch een e puer Méint fir nei Medikamenter ze entwéckelen. Ier een se de Leit ka ginn, muss een oppassen, datt se och sécher sinn, dofir gi se virsiichteg bei e puer Leit getest. Eréischt dann, wa gewosst ass, datt se wierken a sécher sinn, kënnen der genuch produzéiert gi fir jiddereen, dee se brauch.

## FIRWAT SINN ESOU VILL PLAZEN, WOU MER NORMALER-WEIS HIGINN, ELO ZOU?

Och wann et ville Leit nom Coronavirus besser geet, ass et ganz wichteg, datt Leit, déi schwéier krank kënne ginn, de Virus net kréien. Dofir sollen esou mann wéi méiglech Leit de Coronavirus kréien, fir datt net déi ugestach ginn, déi schwéier krank kënne ginn.

A wa vill Leit krank ginn a mussen zur selwechter Zäit an d'Spidol goen, dann ass an de Klinicken esou vill Aarbecht, datt sech net méi genuch ëm déi Krank ka gekëmmert ginn.

Et ass esou einfach, de Coronavirus ze kréien, datt mir ganz virsiichteg musse sinn an net ze no bei Leit ginn, déi net bei eis wunnen.



Dofir si ganz vill Plazen, wou vill Leit beienee sinn – wéi Schoulen oder Bibliothéiken – den Ament zou. D'Regierung vun eisem Land huet gesot, datt d'Leit nëmme sollen erausgoen, wa se onbedéngt mussen.




E puer Leit wéi Dokteren oder Infirmièren a Leit, déi a Liewensmëttelgeschäfte schaffen oder Saache bei eis heem liwweren, mussen awer erausgoen, fir op hir Aarbecht ze kommen.

Déi meescht vun eis kënnen och eraus, fir akafen oder spadséieren ze goen, mee mir musse gutt oppassen, fir net ze no bei aner Leit ze kommen.

Wann s du oder een an denger Famill sech krank fillt a mengt en hätt de Coronavirus, däerft dir all fir zwou Woche guer net doheem eraus.

Mir mussen all doheem bleiwen, fir déi Leit ze schützen, déi vum Coronavirus schwéier krank kënne ginn.





## WAT HEESCHT ET, DÉI GANZEN ZÄIT DOHEEM ZE BLEIWEN?

Heiansdo ass et immens lëschtég mat deene Leit, mat deenen een zesummewunnt, doheem ze sinn. Et kann ee villes zesummen erliewen, wat ee soss net mécht, wann d'Kanner an der Schoul sinn an déi Grouss op der Aarbecht.



Heiansdo langweilen ech mech.



Heiansdo vermëssen ech meng Frënn.



Heiansdo sinn ech rosen.



Heiansdo sinn ech traureg.

Et ass ganz normal, dass s du dat esou fills. A jidderee bei iech doheem fillt dat och bestëmmt esou, och wa probéiert gëtt, dat net ze weisen.



Langweileg!



Langweileg!

Déi Erwuesse bei dir doheem maache sech och vläicht Suergen. Suergen iwver hir Aarbecht. Oder Suergen, well se Saachen net kënne kafen, déi dir braucht.



Langweileg!



A wann ech mer och Suerge maachen?

Wann s du dir och Suerge méchs, da schwätz doheem mat engem Erwuessenen. Wann s de nach oder erëm an d'Schoul gees, da schwätz mat denger Joffer oder dengem Schoulmeeschter. Du kanns och mat hinnen oder mat engem aneren aus denger Famill telefonéieren oder mat hinnen iwver de Computer oder den Tablet schwätzen.

## WAT KANN ECH MAACHE FIR ZE HËLLEFEN?

Du hëllefes scho ganz vill, wann s de doheem bleifs. Mee du kanns och hëllefen, andeem s de oppass, datt s de de Virus net kriss a keen aneren domadder ustéchs.

Wusst de, datt déi Virusse mat Seef kënnen dout gemaach ginn? Wann s de deng Hänn ëmmer erëm a ganz laang wäschs, dann hues de keng Keimer vum Coronavirus méi un den Hänn. Du kanns jo e Lidd sangen, iwverdeem s de deng Hänn wäschs, da weess de sécher, datt s de se och laang genuch gewäsch hues. Du kanns zum Beispill an där Zäit dir selwer zweemol „Happy Birthday“ sangen.



Wann s de muss houschten oder néitschen, da maach dat an däin Ielebou. An hal net d'Hand virun de Mond. Esou kanns de de Coronavirus net un anerer weiderginn.



Wann s de muss schnäizen, dann huel e pabeiers Nuesschnappech a gehei et duerno direkt an d'Drecks-këscht. Wäsch duerno deng Hänn, well de Coronavirus kann och an denger Schnuddel sinn a kënnt da vum Nuesschnappech un deng Hänn.



Wa jiddereen dat esou mécht, kann dat scho ganz vill hëllefen.

## WAT KANN ECH DANN NACH MAACHEN?

Ganz wichtig ass och, datt s de léif bass mat deene Leit, mat deenen s de zesummewunns. Et ass jo fir keen einfach, wann een ëmmer muss dobanne bleiwen.

Wann s de nach Bridder oder Schwëstere hies, dann nerven déi dech vläicht heiansdo. Mee probéier einfach net mat hinnen ze streiden.



Du kanns deenen Erwuessenen doheem och hëllef an dat maachen, wat si dech ustellen. A se och heiansdo léifdrécken.



Wann s de net an d'Schoul kanns goen, da maach deng Aufgaben doheem. Dann hies de eppes ze dinn a langweils dech net. A wann s de nees zeréck an d'Schoul gees, dann hies de awer vill geléiert.

Wann s de doheem kee Computer fir dech hies, da schwätzt iech of, wie wéini dermat ka schaffen.

Denk drun, datt déi Erwuessen och vläicht mussen doheem schaffen. Wann dat esou ass, da stéier se net, wa se am Gaange sinn, hir Aarbecht ze maachen. Dono hu se dann och bestëmmt Zäit, fir mat dir ze spillen. Du kanns vläicht eng Lëscht maache mat Saachen, déi s du wéilts mat hinnen zesumme maachen.



## WAT GESCHITT ELO ALS NÄCHST?

Et ass eng komesch Zäit fir jiddereen an iwwerall op der Welt!



Mee wa mir all virsiichteg sinn an doheem bleiwen, dann hëllef mir, datt de Coronavirus net weidergeet. Dat gëtt den Dokteren an de Wëssenschaftler Zäit fir weiderzesichen, wéi een déi Krankheet kann heelen oder duerch Medikamenter an Impfunge ka stoppen.

Enges Daags, a vläicht ganz geschwënn, och wann nach kee genee weess wéini, kanns de dann nees déi Leit besichen, déi s de gär hues, mat denge Frënn spillen, an d'Schoul goen oder soss Flottes erliewen, wat s de elo net kanns.



## Enges Daags ass déi komesch Zäit hei eriwwer.



**Mir hunn dat  
zesumme gepackt!**



## MÉI INFORMATIOUNEN ...

... iwwer de Virus (offizielle Site):

[www.covid19.lu](http://www.covid19.lu)

... iwwer d'Mond-Nues-Masken:

[www.covid19.lu/demo-masques](http://www.covid19.lu/demo-masques)

... iwwer „Schoul doheim“:

[www.schouldoheim.lu](http://www.schouldoheim.lu)

... iwwer „Fräizäit doheim“:

[www.kannerdoheim.lu](http://www.kannerdoheim.lu)

... iwwer „Beweegung doheim“:

[www.aktivdoheim.lu](http://www.aktivdoheim.lu)

## HOTLINEN

Allgemeng: Tel. 8002 8080

Enseignement: Tel. 8002 9090

Bleift gesond!

## IWWER D'EDITEUREN

Nosy Crow ass e klengen, onofhängege Verlag vu London, dee Kannerbicher erausbréngt a schonn e sëllege Präisser gewonnen huet. Nosy Crow huet dëst digitaalt Buch gratis erausbruecht, well een dovun iwwerzeegt ass, datt et de Kanner an den Eltere kann nützlech sinn. Nosy Crow bréngt vill verschidde Bicher eraus fir Kanner tëscht 0 an 12 Joer. Dir fannt se hei:

[www.nosycrow.com](http://www.nosycrow.com).

Kremart Edition ass e klenge Verlag zu Lëtzebuerg, deen 2013 gegrënnt gouf. Kremart bréngt eege Bicher eraus fir Erwuessener a fir Kanner a fir Kanner och Iwwersetzung vum internationalen Titelen. Kremart huet och scho mat Nosy Crow zesummegegeschafft („Am Zoo“, „Eng Strooss, déi lieft“) an d'Initiativ vum Partnerverlag begréisst, fir dës Coronavirus-Geschicht op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen a gratis zur Verfügung ze stellen. D'Bicher vu Kremart fannt Dir op: [www.kremart.lu](http://www.kremart.lu).

